

Vollekszielung 2011

En onnéidegen Agrëff an d'Privatsphär, den
Dateschutz an d'informationell
Eegebestëmmung

D'Piratepartei bezweiwelt de Sënn an Zweck vun enger obligatorescher Vollekszielung a Lëtzebuerg a kritiséiert déi excessiv Agrëff an d'Privatsphär, op den Dateschutz an d'informationell Eegebestëmmung vun de Bierger.

Gëtt d'Ziel vun der Vollekszielung 2011 erfëllt?

Per lëtzebuergeschem Wahlgesetz ass de Sënn vun der Vollekszielung all 10 Joer d'Unzuel vun de Bierger an den eenzelne Gemenge festzehale vir esou kennen d'Gréisst vum Gemengerot ze definéieren. Déi gestallte Froe gi wäit iwwert dat eraus wat néideg wier fir dëst vum Wahlgesetz definéiert Aufgab ze erfëllen. En EU Reglement gesäit zwar weider Zieler an der Vollekszielung (virun allem Statistiken opstelle fir d'Kommissioun an hirer Aarbecht ze ënnerstëtzen), ma op de Questionnaire fir dëst Ziel ze errechen esou privat Froe beinhalte muss wéi et 2011 de Fall ass dierft bezweifelt ginn.

Den propagéierten Notze fir d'Allgemengheet ass net erwisen¹. D'Vergaangenheet weist, dass trotz Vollekszielung a Statistiken d'Regierungen sech an den demographeschen Entwécklungen ieren.

Genau sou onnéideg ass et Donnéeën ze froen, déi schon sollte bekannt sinn. Fir d'Awunnerzuel vun enger Gemeng ze wësse sollte bei effektivem Fonctionnement vun der Administratioun vun de Gemengen detailléiert Donnéeë virleien.

Käschten-Notzen-Verhältnis

D'Vollekszielung kascht 5 Milliounen Euro². An Zäite wou d'Regierung net midd gëtt ze ënnersträichen, dass d'ganzt Land spuere muss, eng Zomm bei deeër eng Käschten-Notze Rechnung gewëssenhaft duerchgefëiert muss ginn. Et sief notéiert, dass en Deel vun dësen Ausnahmen net op déi eigentlech Ausféierung vun der Vollekszielung faalen, ma eng Publizitéitscampagne mat Verdeele vu Gadgeten, Werbung a Fernseh, Radio, Kino, Internet an Sensibiliséierungskampagnen. De Statec schéngt schon am Virus domadder ze rechnen, dass d'Undrohen vun enger Geldstrof nach net duergeet fir all Bierger vun der Noutwennegkeet vun der Vollekszielung ze iwwerzeegen.

D'Anonymitéit bei der Vollekszielung gëtt komplett iwwergaangen

Fir den eigentleche Sënn vun der Vollekszielung ze erfëllen ass eng Identitéitsopnam vun de befrote Bierger net néideg. Allerdéngs gëtt dem Bierger am Kader vum Zensus11 net d'Méiglechkeet ginn anonym un der Vollekszielung deel ze huelen. Online, duerch d'Verifizéiere per LuxTrust, esou wéi um Pabeier ass eng eendeiteg Authentifikatioun gefrot, verbonne mat dem Verpflichtung komplett a korrekt Donnéeën ofzeginn. Den Vollekszieler kënn donieft souwuel d'Identitéit vun dem Befrote wéi och seng Äntwerte wann kontrolléiert gëtt op d'Froe beäntwert goufen. Souguer wann eng Vollekszielung mam aktuelle Froekatalog (ouni Angab vu Numm)

¹Woxx.lu, 25.01.2011 (http://www.woxx.lu/id_article/4098)

²Paperjam.lu, 25.01.2011 (<http://www.paperjam.lu/article/fr/le-statec-pr%C3%A9pare-le-recensement>)



duerchgefouert sollt gin, sou léisst d'Gesamtheit vun den Äntwerten de Befrotenen zimlech genau agrenzen. D'Anonymitéit ass also entgéint dem Behaapte vum STATEC an der CNPD net gewährleescht, waat nieft der Piratepartei och d'Ligue des Droits de l'Homme³ an d'Chambre des Salariés Luxembourg⁴ kritiséieren.

De beschten Dateschutz ass keng Donnéeën ze sammelen!

Wéi een aus fréieren Dateskandalen geléiert huet ass et schwéier Donnéeën sécher ze späicheren. Dofir muss den éischte Prinzip vum Dateschutz sinn, dass nëmmen Donnéeën gespäichert ginn, déi och gebraucht ginn. Dat ass bei der Vollekszielung net de Fall. Dofir ginn dausende vu privaten an net anonymiséiert Donnéeën der Gefor ausgesat iergendwann an déi falsch Hänn ze geroden.

D'Verletzung vun der Vertraulichkeet vum Doheem

Mat der Vollekszielung zwéngt de Staat seng Bierger e frieme Mënsch bei sech ze empfänken. Deem Mënsch mussen dann och nach privat Detailler aus sengem Liewen uvertraut ginn. D'Méiglechkeet de Questionnaire online auszufüllen oder en direkt un d'Gemeng oder de STATEC ze schécken deet deem keen Ofbroch, well genau dann den Androck entsteet eppes ze verstoppen. Bei der Online-Méiglechkeet besteet ausserdem d'Gefor vun Oflauschtere vun der Iwwerdroung oder enger onsécherer Stell am weideren elektronische Veraarbechtungswee. De ganze Mechanismus vum Ausdeelen an erëm asammele vun der Vollekszielung widdersprécht der Idee hannert dem Recht vun der "inviolabilité du domicile" (Art. 15 Constitution luxembourgeoise).

Zwang privatest Donnéeën ënner Undrohung vu Strofen erauszeginn

Nom Prinzip vun der informationeller Eegebestëmmung muss de Bierger zu all Moment selwer bestëmmen kënnen wéieng Donnéeën iwwert hie gespäichert ginn a vu wéi. All Persoun muss, ausser a wéinegen Ausnahmen, d'Méiglechkeet hunn dës Donnéeën anzegesinn, ze änneren a ggf. ze läschen.

Am Fall vun der Vollekszielung gëtt dës Prinzip op d'Kopp geheit. Bierger ginn, ënner Undrohung vun enger finanziell net onerhiewlecher Strofen, gezwongen hier privat Donnéeën erauszeginn, ouni nodréiglech d'Méiglechkeet ze hunn se ze veränneren oder läschen ze loossen. Et ass engem demokrateschem a fräiheetleche Staat net wüdeg seng Bierger ze zwéngen privatest Detailler oppenzeleeën.

Froen, déi einfach ze wäit gin!

De Questionnaire vun der Vollekszielung 2011 ass och inhaltlech ze kritiséieren. Déi gestallte Froen ginn déif an de Bierger hier Privatsphäre eran (z.B. Doheem, souguer Gedanken), mëscht Ennerscheeder wou keng dierfe gemaach ginn (z.B. Nationalitéit, Aarbechtsverhältnis) an hëlt keng Rücksicht ob eventuell schlëmm Erënnerungen (z.B. Froen no de lieweg gebuerene Kanner) oder perséinlech Befindlechkeeten (z.B. Geschlecht). Et sief nach eemol drop higewisen, dass d'Ausfëlle vum Questionnaire obligatoresch ass a souguer eng Strofen dréit wann en d'Froen net korrekt ausfëllt! Béi dës Froen ass dat een inakzeptabelen Zoustand.

³RTL.lu, 25.01.2011 (<http://news.rtl.lu/news/national/92379.html>)

⁴CSL.lu, 25.01.2011 (<http://www.csl.lu/component/rubberdoc/doc/845/raw>)



E groussen Deel vum Formulaire dréint sech ëm d'Doheem vun de Bierger. Den Doheem ass vir di meeschte vun ons e Réckzuchsgebidd an Deel vun der enkster Privatsphär. Bei der Vollekszielung ginn net nëmmen detailléiert Froen iwwert den Doheem gestallt, ma et muss en deemno wei och nach en Agent vum Statec bei sech schelle loossen an bei sech empfänken.

D'Fro nom Geschlecht ass fir eng Vollekszielung irrelevant, besonnesch eng, déi per Wahlgesetz dofir organiséiert gëtt fir d'Unzuel vun de Membere vum Conseil Communal ze berechnen. Dës fir vill Leit sou banal Fro ka vir bestëmmte Mënschen net sou einfach ze beäntwere sinn. Dës Mënschen dierfen net ënnert dem Undréien vun enger Geldstrof dozou gezwonge ginn dës Fro ze beäntweren.

D'Fro Nummer 18a freet tatsächlech a wéienger Sprooch de Befroten denkt. De Staat zwéngt also seng Bierger Detailler iwwer seng Gedankegäנג oppenzeleeën.

Bei der Fro no der Aarbechtslosegkeet oder Arbechtssich freet sech wisou et enger Vollekszielung brauch dës Donnéeën ze erhiewen, wann dach all puer Wochen Aarbechtslosenzuele verëffentlecht ginn. Entweder déi regelméisseg verëffentlecht Zuele sinn net verlässlech oder awer dës Fro ass iwwerflësseg an der Vollekszielung.

D'Fro Nummer 34 freet ob Fraen schon Kanner lieweg gebuer hunn. Dës Fro kann an Famillje mat Feelgebuerde laang iwwerwonnen Erënnerungen erweeche loossen. Si ass ëmsou méi erstaunlech, wann ee bedenkt, dass d'Donnéeën, falls néideg, och kënnen op anerem Wee erhiewen ginn, ouni d'Leit bei enger Vollekszielung ze zwéngen dës Fro ze beäntweren.

Verschiede Froen am Questionnaire froen nom Familljestand vun de Befroten a vun hire Matbewunner. Dës Froen kënnen fir déi Betraffe ganz privat sinn an den Notzen, deen de Staat aus dësen Zuelen zéie soll ass schwéier novollzéibar. Doriwwer raus gëtt net nëmmen nom aktuelle Familljestand, ma och no der Vergaangenheet gefrot (z.B. "gescheet, Partnerschaft beendert"). Partnerschaften, déi weder bestued, nach gepacst sinn gi komplett ignoréiert.

D'Fro 17 an 18 ënnerscheeden an de proposéierten Optiounen tëscht "Lëtzebuurger vu Gebuert" an "Lëtzebuurger per naturalisation". De Choix vun dësen Optiounen suggeréiert, dass et Zweet-Klasse-Lëtzebuurger ginn an dass dës Klasse vuneneen ze ënnerscheede wieren. Doriwwer raus ginn déi Befrote gezwongen hier Nationalitéit bei der Gebuert unzeginn. Dëst mëscht en onbegrennten Ënnerscheid tëscht Lëtzebuurger vu Gebuert un a Lëtzebuurger per Naturalisatioun.

De Questionnaire vun der Vollekszielung 2011 ass voller Froen, déi bei verschidde Mënschen einfach ze wäit ginn! Privatsphär ass kee fest definéierte Raum, dee bei all Persoun de selweschten ass. Dofir ass et net akzeptabel, dass de Staat ënnert dem Undréien vun enger Geldstrof all Bierger zwéngt de komplette Questionnaire auszufüllen. D'Reegele vum Recht op Privatsphär, Dateschutz an informationell Eegebestëmmung schreiwe fir, dass all Mënsch muss kënnen decidéiere wéieng privat Donnéeën en präis gëtt a wéieng en fir sech behält. En demokrateschen a fräiheetleche Staat muss dës Reegelen anhalen!

Weider Informatiounen gëtt et an onsem Dossier op zensus11.piraten.lu.



Dëst ass en Informatiounsblaat vun der Piratepartei Lëtzebuerg

Piratepartei Lëtzebuerg setzt sech säit hirer Grënnung am Oktober 2009 fir den Schutz vun Biergerrechter, am speziellen den Schotz vun der Privatsphär an een erhéichten Dateschutz, an. Piratepartei fuerdert ausserdeem eng méi grouss Transparenz vum Staatsapparat, wei och den fräien Accès zu ëffentlechen Informatiounen an Bildungsmaterialien. Doriwwer eraus fuerdert Piratepartei eng grondleeënd Reform vum Urheberrecht an vum Patentwiesen.

Als Member vun enger internationaler Beweegung bedeelegt sech Piratepartei Lëtzebuerg aktiv op internationalen Konferenzen an Aktiounen. Grondleeënd Prinzip ass Basisdemokratie, di et all Member vun der Partei erlaabt hir Zukunft matzegestalten.



Piratepartei Lëtzebuerg
1, Sonnestrooss,
L-5683 Dalheim

www.piratepartei.lu

ahoi@piratepartei.lu

(+352) 691 804 033 (Jerry Weyer)
(+352) 621 632 118 (Sven Clement)